

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdedegungsminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Situatioun am Mali gëtt séier ëmmer méi oniwwersiichtlech an ëmmer méi ugespaant. Däitschland huet elo decidéiert seng militäresch UN-Operatiounen zum gréissten Deel unzehalen. Frankräich huet säi Réckzuch ofgeschloss. D'Militärjunta schéngt d'UN-Présenz géint d'Djihadiste wëllen ze behënneren. Esou sinn och Minusma-Zaldote vun der Elfenbeinküst als Söldner inhaftéiert ginn. Lëtzebuerg huet zwee Zaldote bei der Minusma, déi fir Kommunikatiounen zoustänneg sinn, an 21 weiderer an der europäescher EUTM Taskforce.

An deem Kontext wëll ech dem zoustännege Minister dës Fro stellen:

1. Ka Lëtzebuerg ënner dëse Konditiounen nach verantworten, seng Zaldoten am Mali ze loossen? Sollten déi Lëtzebuerger Militär am Mali net direkt zrëckgezu ginn?
2. Geet den Här Minister dervun aus, datt d'Situatioun am Mali bis Enn 2022 (Enn vum EUMT-Engagement) respektiv bis Mäerz 2024 (Enn vum Minusma-Engagement) net weider eskaléiert? Wéi begrënnt hie seng Positioun?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten